Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Formatiounsekipp

*D'Zukunft gehéiert eis!*

LGS

# FORMATIOUNS KATALOG








# INHALT


Formatiounen ///// Säit 04

1ten Zyklus ///// Säit 05

2ten Zyklus ///// Säit 13

3ten Zyklus ///// Säit 14

Aner Formatiounen ///// Säit 15





# FORMATIOUNEN BEI DEN LGS

**1.Theorie**

D'Formatioun bei den Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS) huet als Zil, de Chef/tainen Kenntnësser a folgende Beräicher ze vermëttelen:

- D'Ziler, d'Method an d'Geschicht vum Scoutissem/Guidissem
- D'Roll als Chef:taine
- D'Method fir mat Guiden a Scouten ze schaffen an der gewieltener Branche
- Animatiouns- a Kommunikatiounstechniken
- Guiden a Scoutstechniken
- Ëmgank Emgank mat de Kanner
- D'Sécherheet an d'Hygien bei den Aktivitéiten
- D'Organisatioun an Opbau vum Verband vun den LGS

D'Theorie, déi op der Formatioun mat aktive Methode vermëttelt gëtt, ass praxisbezunn.

**2. Perséinlech Formatioun**

Bei der Formatioun geet et net nëmmen ëm d'Cheffunktioun, mee si riicht sech un déi ganz Persoun.

**3. Praktescht Emsetze vun der Theorie**

D'Formatioun vermëttelt net nëmmen Theorie, mee och dat praktescht Emsetzen vun der Theorie gëtt geüübt.

**4. Dokumentatioun**

Op der Formatioun gëtt de Chef/tainen Dokumentatioun zu hirer Aarbecht proposéiert.



# 1TEN ZYKLUS

Formatioun fir Assistenten (Reglement N° 8) D'Chef:taine soll no dëser Formatioun entspriechend den Ziler an der Method vun der jeweileger Branche an enger Chefequipe aus enger Unitéit matschaffe kënnen.

D'Umeldungen fir den STIP fannt dir an der Chefbox:

https://chefbox.lgs.lu/portal/katalog/zyklen/1zyklus/

PRÄIS **€180.00**

BRANCHEN:

# 1TEN ZYKLUS

| | |
|---|---|
| **Beschreiwung:** | Formatioun vum 1. Zyklus<br>fir déi zukünfteg Aissistentchef:taine<br>bei de Biber |
| **Zieler** | D'Chef:taine kréien<br>dat néidegt Material an<br>dat néidegt Wësse fir Kanner<br>am Bibersalter<br>altersgerecht Aktivitéiten unzebidden. |
| **Inhalt:** | Methode,<br>Biberaktivitéiten,<br>Veilléeën, ... |
| **Weini:** | **1 Deel:** 10 - 11.1.2026<br><br>**2 Deel:** 28 - 30.3.2026 |
| **Wou:** | Chalet Géisserei (1 Deel)<br>Déiffereng (2 Deel) |

# 1TEN ZYKLUS

| | |
|---|---|
| **Beschreiwung:** | Formatioun vum 1. Zyklus fir déi zukünfteg Aissistentchef:taine bei de Wëllefcher. |
| **Zieler** | D'Chef:taine kréien dat néidegt Material an dat néidegt Wësse fir Kanner am Wëllefchersalter altersgerecht Aktivitéiten unzebidden. |
| **Inhalt:** | Methode, Wëllefchersaktivitéiten, Veilléeën, ... |
| **Weini:** | **1 Deel:** 7 - 9.11.2025<br><br>**2 Deel:** 28.2 - 1.3.2026 |
| **Wou:** | • 1ten Deel: Chalet Colmar-Bierg,<br>• 2ten Deel: Chalet Géisserei |

# 1TEN ZYKLUS

| | |
|---|---|
| **Beschreiwung:** | Formatioun vum 1. Zyklus fir Assistent Truppechef ze ginn |
| **Zieler** | - Avex Method kenneléieren an uwenden<br>- Methoden ausschaffen an probéieren fir dass eng Avextrupp funktionnéiert |
| **Inhalt:** | Avexmethod, Gruppendynamik, Animatiounstechniken, Kreativitéitstechniken, Komtakt mat Elteren,.... |
| **Weini:** | 28.03.2026 vun 09h30 – 01.04.2026 bis 16h00 |
| **Wou:** | Chalet Géisserei |

# 1TEN ZYKLUS

| | |
|---|---|
| **Beschreiwung:** | Formatioun vum 1. Zyklus fir déi zukünfteg Aissistentchef:taine bei de CaraPio an RaRo |
| **Zieler** | Ziel ass et all zukünftege CaraPio Chef déi néideg Informatiounen ze ginn fir hier Roll als Chef kënnen ze iwwerhuelen. |
| **Inhalt:** | Ëmm wat geet et bei der CaraPio Method?<br>Safe from Harm a Jugendschutz?<br>Wat huet et mat dem Naturschutzgesetz op sech?<br>Wéi organiséieren ech ee Week-End?<br>Techniken (Ravi, Kachen, dobausse schlofen, Rucksak paken, Kart a Kompass)<br>A nach vill méi! |
| **Weini:** | 5.11.2025 (18 Auer) - 9.11.2025 (18 Auer |
| **Wou:** | Miersch - Camp Volant |

# 1TEN ZYKLUS

| | |
|---|---|
| **Beschreiwung:** | Formatioun vum 1. Zyklus fir déi zukünfteg Aissistentchef:taine bei de CaraPio an RaRo |
| **Zieler** | Ziel ass et all zukünftege CaraPio Chef déi néideg Informatiounen ze ginn fir hier Roll als Chef kënnen ze iwwerhuelen. |
| **Inhalt:** | Ëmm wat geet et bei der CaraPio Method?<br>Safe from Harm a Jugendschutz?<br>Wat huet et mat dem Naturschutzgesetz op sech?<br>Wéi organiséieren ech ee Week-End?<br>Techniken (Ravi, Kachen, dobausse schlofen, Rucksak paken, Kart a Kompass)<br>A nach vill méi! |
| **Weini:** | 5.11.2025 (18 Auer) - 9.11.2025 (18 Auer |
| **Wou:** | Miersch- Camp Volant |

# PERSÉINLECH SPIRITUELLE WEEKEND



## PS1

**31.1 - 1.2.2026**

Plaatz get nach matgedeelt

PRÄIS € 20.00

BRANCHEN:



## PS2

**28.2 - 1.3.2026**

Um Neihaischen am “Keltenhaus“

PRÄIS € 20.00

BRANCHEN:



## PS3

**25.4 - 26.4.2026**

Nuetsaktivitéit

PRÄIS € 20.00

BRANCHEN:

# METHODENDAG



## BIBER

**10.01.2026**

an der Géisserei

PRÄIS € 15.00



## WELLEF

**8.11.2025**

zu Colmar-bierg

PRÄIS € 15.00



## AVEX

**29.03.2026**

vun 08h30 – 22h00

an der Géisserei

PRÄIS € 15.00



## CARAPIO

**21.3.2026**

Tour Malakoff

PRÄIS € 15.00



## RARO

**21.3.2026**

Plaatz get nach matgedeelt

PRÄIS € 15.00



# 2TEN ZYKLUS

De STAP ("Stage d'Approfondissement Pédagogique") ass den "theoreteschen" Deel vum 2. Zyklus vun der Formatioun bei den LGS, fir eng Ernennung als Branchechef (Biberchef, Akela, Truppechef, Clanchef) an de Brevet Animateur C ze kréien. Dëse Formatiounscamp ass fir all d'Branchen zesummen an dauert 8 Deeg / 7 Nuechten.

Konditioune fir de STAP matzemaachen :

- op d'mannst 18 Joer al sinn
- eng Ernennung als Assistent (den 1. Zyklus vun der Formatioun muss ofgeschloss sinn !)
- alternativ: de Brevet Animateur B bei enger anerer Organisatioun + Methodendag bei enger LGS-Branche

Am Guiden a Scoutsjoer 2025/2026 gëtt keen STAP ugebueden

PRÄIS **€250**

BRANCHEN:



# 3TEN ZYKLUS
## Formatioun Gillwell

De Gilwellcamp ass eng fakultativ Formatioun vun enger Woch, am Zelt, wou zesummen d'Themen vun Inhalter, Waerter, Zukunft an Projeten um Niveau vum Grupp oder vum Verband ausgeschafft ginn.

Am Guiden a Scoutsjoer 2025/2026 gëtt keng Gillwell Formatioun ugebueden

# ANER FORMATIOUNEN



## KLAMMFORMATIOUN

**Nidderegseelgaart 16.11.2025**
zu Äischen

PRÄIS € 15.00

**Heichseelgaart 27.2 - 1.3.2026**
um Neihaischen

PRÄIS € 75.00

## GRUPPEFORMATIOUN

**13. - 15.03.2026 zu Monnerech**
An dëser Formatioun leiers du weis du besser kanns op deng Chef a Cheftainen agoe kanns, weis du en Team aus dengem Grupperot mëss a wei een e Grupp soll feieren a geréieren.

PRÄIS € 90.00





## ADMINDAG

**Den 15.11.2025 an den 18.4.2026 an der Géisserei**
Den Administrativen Dag ass fir déi Leit geduecht déi am Alldag vum Grupp mat allerhand administrativen Demarchë vertraut solle ginn. Et ass eng Intro an déi eenzel Theemegebidder, wou d'Kandidate léiere sollen, wat et alles gëtt a wéi een domat ëmgeet.
Dës Formatioun ass fir zukünfteg Gruppechef a fir soss Memberen, déi interesséiert sinn, hirem Grupp ze hëllefen.

PRÄIS € 15.00




# LGS.lu

*D’Zukunft gehéiert eis!*

Maach mat! Bass du interesseiert, deng Kompetenzen ze erweideren, nei Frëndschaften ze knäppen an Deel vun enger dynamescher Jugendbewegung ze ginn? Fir méi Detailer iwwert eis Formatiounen ze kréien, klickt einfach op déi entspriechend Linken. Solls du Froen hunn oder dech direkt fir eng Formatioun umellen wëllen, zéckt net, eis ze kontaktéieren. Mir freeën eis scho ganz op deng Participatioun an eise Formatiounen!